

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 30. November 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.


Zu Lëtzebuerg kritt ee vun der Police d'Protokoller zougeschéckt, wann een ze séier fiert oder eben op d'Fënster vum Auto gepecht, wann ee falsch parkt. Dës Protokoller sinn zu Lëtzebuerg eesproocheg - op Franséisch.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Policeminister:

1. Firwat sinn d'Protokoller eesproocheg an net méisproocheg?
2. Firwat sinn d'Protokoller just an enger vun eisen dräi Amtssproochen a firwat net an eiser Landessprooch?
3. Wier et net logesch fir an engem Land, dat sech esou mat Multilinguismus brett, d'Protokoller op méi Sproochen ze maachen?
4. Fir déi allermeeschte Lëtzebuerger ass Franséisch eng schwéier Friemsprooch an och fir déi meeschten Ausländer ass dat esou. Ongeféier 15% vun den Awunner si Franséisch Mammesproochler. Kéint een hei net de Bierger entgéint kommen an d'Protokoller an méi Sprooch maachen, déi si méi einfach verstinn?
5. Wann en Polizist oder en Pechert en Protokoll op der Hand schreift, huet hien dann d'Recht, eng vun eisen dräi gläichberechtigten Amtssproochen ze benotzen oder ass et him verbueden, déi eng oder aner vun eisen Amtssproochen ze benotzen? Wa jo, wéi eng Sprooch däerf hien net benotzen an aus wéi engem Grond ass dëst verbueden?
6. Wann en Lëtzebuerger an Däitschland geblëtzt gëtt kritt en e Protokoll aus Däitschland op Lëtzebuerg geschéckt an deen ass dann op Franséisch. Firwat verfaasst Däitschland en Protokoll op Franséisch fir en op Lëtzebuerg ze schécken, wou dach Däitsch eng Amtssprooch hei ass? Kann de Minister bestätegen, datt dëst esou ass well Lëtzebuerg dat esou op internationalem Plang festgeluecht huet?
7. Wa jo, ass de Minister net der Meenung, datt et onsënneg ass, datt Lëtzebuerg festleet, datt Däitschland e Protokoll fir een Awunner vu Lëtzebuerg muss op Franséisch schreiwen?

8. Ausser bei de Gesetzer sinn eis dräi Amtssproochen eigentlech gläichberechtegt. Firwat gëtt hei dafranséisch besser behandelt an déi aner Amtssproochen diskriminéiert?

Mat déiwem Respekt



Fred Keup  
Deputéierten